









Regional Ekipp Lëtzebuerg



<https://www.jonk-leiwen.lu/>

<https://www.facebook.com/search/top?q=regional%20ekipp%20l%C3%ABtzebuerg>

Sponsors

 BINSFELD & BINTENER LE SPÉCIALISTE DU PARACHÈVEMENT Binsfeld & Bintener s.a. http://www.bbsa.lu	 Maroldt.lu Entreprise, Vente, Location de Équipements, Services Maroldt s.a.r.l. http://www.maroldt.lu	 socoma www.socoma.lu explorations SOCOMA http://www.socoma.lu/
 TMC TMC IMMO http://www.tmcimmo.lu	 Ginge-Kerr Ginge-Kerr http://www.ginge-kerr.lu/	 SECURITEC Mat Sécurité pour Tech do! Securitec http://www.securitec.lu/
 BIKE WORLD Bike World http://www.bikeworld.lu/	 Restaurant - Pizzeria ASTORIA Astoria http://www.astoriakayl.com	

Partners

 ekoï http://www.ekoï.fr/	 ŠKODA Skoda http://www.skoda.lu/?
---	---

Aktivitéitsbericht Saison 2020

Start an d'Saison 2020 war virgesi mat **16 Espoirs** a **8 Elite** Coureuren aus den diverse Lëtzebuerger Veräiner (voir « Antrag » laut Artikel UCI 1.1.045 bei der FSCL). An der Saison 2019 hate mir 12 Espoiren a 9 Elite Coureuren op onse Leschten.

De Kurskalenner war zu dem Zäitpunkt schon excellent mat éischt classeschen Coursen gefëllt. Esou zum Bsp:

5 Etappe Kursen mat insgesamt 21 Renndeeg.

- Arden Challenge,
- Ronde des Combattants,
- Tour de la Province de Liège,
- Tour de Namur,
- Tour de Moselle.

Donieft 4 Bundesliga Kursen

- Düren,
- Nürburgring Nordschleife,
- Sauerland Rundfahrt (deutsche Bergmeisterschaft),
- Ilsfeld Auenstein.

Punkto Betreier hate 6 Directeurs Sportifs an 12 Begleeder (Soigneuren a Mécanos) hir Hëllef zougesot. Alles an Allem eng excellent Ausgangspositioun fir eng erfollegräich Saison an Ugrëff ze huelen.

Leider sollt, sou wéi mer haut all Wëssen, Saison ni richteg an de Gank kommen. Statt de Vëloë koum de Virus a Faart.

Während dem Lock Down (15 Mäerz bis 31 Juli) sinn déi national wéi och déi international Kalennere wéi Kaartenhäiser an e Koup gefall, sou och geschitt mam Kalenner vun der Regional Ekipp.

Trotz all dem hu mir no „Ersatz“ gesicht mam Zil, eis Coureure fit ze hale fir de Moment wou et da erëm sollt lass goen. Ëmmerhi koumen, nieft just 3 nationalen Terminer, respektabel **17 international Renndeeg** fir ons Jonk Léiwen zesummen.

An dëser klenger Broschüre kennt dir interessant Detailer zu den Aktivitéiten a Resultater vun der Regional Ekipp gewuer ginn.



Alt nees miserabel Wieder Konditiounen. De **Cédric Pries** (hei am Bild) ass Zäitgläich mat dem 32ten op der Arrivée gestoppt ginn, wéi déi Grupp 4'30'' Retard hat, eng 11 KM virun der Arrivée. De Jury huet imaginär 9'25'' doraus gemaach.

LOCKDOWN vum 15. März bis den 31. Juli!

! Virtuell Participatioun un der Ronde des Combattants vum 25. bis 27. Abrëll.



02. August : GP de Tourteron (FRA) 113 KM

En Charge vun der Regional Ekipp: 15 Coureuren + 7 Begleeder.

Klassement :

5. Rik Karier	retard 8''
11. Tim Diederich	35''
13. Cédric Pries	35''
42. Philippe Schmit	4'09''
44. Gilles Miny	4'09''
46. Mik Esser	4'09''
48. Charel Meyers	4'09''
52. Rafael Pereira Marques	5'07''
59. Eric Meyers	10'30''
125 Coureuren um Depart	- 68 klasséiert

Abandons : Pablo Blatt, Mike Diener, Jacques Gloesener (Defekt), Larry Valvasori (chute) a Max Gilles, Jérôme Jentgen (2 Juniors)



Arrivée!

09. August : Prix des Côtes des Crêtes Pré-Ardenaises (FRA) 114 KM




En Charge vun der Regional Ekipp: 19 Coureuren + 9 Begleeder.

<i>Klassement :</i>	2. Tim Diederich	retard	4''
	5. Cédric Pries		1'17''
	10. Rik Karier		1'49''
	11. Mats Wenzel		1'51''
	22. Larry Valvasori		10'22''
	23. Philippe Schmit		10'26''
	26. Rafael Pereira Marques		10'41''
	30. Jacques Gloesener		18'22''
	40. Mik Esser		31'21''
	80 Coureuren um Depart	-	41 klasséiert

Abandons : Pablo Blatt, Mike Diener, Noah Fries, Paul Breser, Max Gilles, Jérôme Jentgen, Tim Karier, Alexandre Kess, Gilles Miny, Jo Schmitz (7 Juniors)



06. September: Paris (Avon) – Lorrez le Bocage (FRA) 123 KM



Éischt **Victoire** zanter dem Bestoen vun der Regional Ekipp Lëtzebuerg duerch de **Cédric Pries**. Eis Ekipp gouf an dëser Course och déi éischt am Ekipe – Klassement. De **Rik Karier** – iwwer 100km an der Echappée - gewënnt de **Grand Prix de la Montagne ... 3.** an dem Classement de Cédric Pries (Podium hei drënner)

En Charge vun der Regional Ekipp: 8 Coureuren + 4 Begleeder.

Klassement:

1. Cédric Pries	2.54'35''
4. Larry Valvasori, retard	40''
11. Rik Karier	40''
14. Loïc Bettendorff	40''
18. Max Larry	40''
30. Jacques Gloesener	40''
35. Philippe Schmit	40'
116 Coureuren um Depart	68 klasséiert

Abandons : Charel Meyers (chute)



13. September : Souvenir JC Sant zu Saint Marcel (FRA) 98 KM



De Podium zu Saint – Marcel an de franséischen Ardennen

En Charge vun der Regional Ekipp: 9 Coureuren + 4 Begleeder

<i>Klassement :</i>	3. Rik Karier	retard	8''
	7. Mike Diener		10''
	14. Charel Meyers		27''
	23. Jérôme Jentgen		27''
	25. Tim Karier		27''
	27. Larry Valvasori		27''
	32. Max Larry		38''
	33. Eric Meyers		41''
	37. Mika Lamesch		1'05''
	45 Coureuren um Depart	- ??	klasséiert

19. September : Sauerland – Rundfahrt / Rad Bundesliga (GER) 122 KM

En Charge vun der Regional Ekipp: 9 Coureuren + 4 Begleeder

Klassement :

6. Rik Karier	retard	2''
8. Larry Valvasori		2''
22. Cédric Pries		4'50''
41. Ken Conter		12'41''
166 Coureuren um Depart - 50 klasséiert		

Abandons : Jacques Gloesener, Max Larry (chute), Charel Meyers, Rafael Pereira Marques, Philippe Schmit



Rad Bundesliga, deutsche Bergmeisterschaft → Exzellente Course op engem schwéieren Parcours (2850HM) bei Wenholthausen vum **Rik Karier** am **Larry Valvasori**.

Nodeems quasi all Coursen vum Bund Deutscher Radfahrer senger Serie wéinst dem Covid ausgefall waren huet de **Rik** mat senger 6. Platz d'Féierung am Generalklassement vun de „Coureuren ouni Kontrakt“ iwwerholl.

<https://youtu.be/UKgQvFCo8Xg> (TV Iwwerdroung vun de leschten 10km)

20. September : 12° Grand Prix de Haroué (FRA) 124 KM



Déi 3 éischt zu Haroué (Lorraine) mat lénks de Charel Meyers a riets de Larry Valvasori.

En Charge vun der Regional Ekipp: 5 Coureuren + 3 Begleeder

<i>Klassement:</i>	2. Charel Meyers,	retard	0''
	3. Larry Valvasori		0''
	9. Rik Karier		0''
	29. Eric Meyers		0''
	31. Mike Diener		0''
	60 Coureuren um Depart	- ??	klasséiert

25. September : Arden Challenge 1. Etapp : Manhay (BEL) 124 KM

En Charge vun der Regional Ekipp: 6 Coureuren + 3 Begleeder

Klassement:

53. Rik Karier	retard	18''
87. Larry Valvasori		18''
88. Philippe Schmit		18''
114. Charel Meyers		2'19''

166 Coureuren um Depart - 116 klasséiert

Abandons : Mike Diener, Jacques Gloesener (chute)



Deen een Dag net zu Enn gefuer, kanns Du ee vun de nächsten Deeg nees matfueren. Dat war net wouer fir den **Jacques Gloesener**, dee leider gefall ass. Am **Arden Challenge** gëtt Generalklassement no Punkten, a net no der Zäit gemaach. Duerfir muss du awer all Dag am Klassement gewiescht sinn. Et kann een och seng Coureuren all Dag auswiesselen, mä maximal 6 un den Depart bréngen.



Larry Valvasori a Mike Diener beim Arden Challenge



„Fighting“ **Philippe Schmit** an dëser Etapp vum Arden Challenge.

26. September : Arden Challenge 2. Etapp : Saint Marie (BEL) 131 KM

En Charge vun der Regional Ekipp: 6 Coureuren + 3 Begleeder

Klassement:

82. Larry Valvasori	0''
83. Rafael Pereira Marques	0''
107. Rik Karier	0''
118. Philippe Schmit	0''
169 Coureuren um Depart	- 124 klasséiert

Abandons: Mike Diener, Max Larry - Chute massive no 37 KM. Course neutraliséiert bis um Schlusscircuit



No senger Chute op der Sauerland Rundfahrt (Rad Bundesliga) huet et de **Max Larry**, hei kämpfend an der Bordür, leider nees eng Kéier beim Arden Challenge erwëscht.

27. September: Arden Challenge 3. Etapp: Erezée (BEL) 132 KM

En Charge vun der Regional Ekipp: 5 Coureuren + 3 Begleeder

Klassement: 32. Rik Karier 0''
 35. Larry Valvasori 0''
 95. Rafael Pereira Marques 0''
 165 Coureuren um Depart - 104 klasséiert

Abandons: Philippe Schmit (defekt), Mike Diener.



Am **Schlussklassement vum Arden Challenge** figuréiere 77 Coureuren, déi all Dag ukomm sinn. Dorënner als 48. Rik Karier an als 54. Larry Valvasori. De **Rafael Pereira Marques** huet op den zwou leschten Etappen vill « Häert » bewisen a war prett fir déi zwou lescht Stroossecoursen vun der verlängerter Saison, iwwerdeems vill vun «eise Männer» sech an d'Cross Saison stierze wollten. Hätten sie gewosst....

11. Oktober : GP Hyper U zu Gueberswihr (FRA) 103 KM

En Charge vun der Regional Ekipp: 3 Coureuren + 2 Begleeder

Klassement : 18. Rik Karier Retard 42''
 27. Jacques Gloesener 42''
 53. Rafael Pereira Marques 53''
 78 Coureuren um Depart - 62 klasséiert

18. Oktober : Ilsfeld - Auenstein / Rad Bundesliga (GER) 146 KM

En Charge vun der Regional Ekipp: 4 Coureuren + 3 Begleeder

<i>Klassement :</i>	14. Larry Valvasori	0''
	24. Cédric Pries	3'36''
	44. Rik Karier	11'04''
	154 Coureuren um Depart	55 klasséiert.

Abandons: Rafael Pereira Marques.

De **Larry Valvasori**, huet an der leschter Course den Trikot vum beschten «Coureurouni Kontrakt» vum **Rik** iwwerholl, den e schlechten Dag erwëscht hat. Op der Arrivée war de Larry zäitgläich mam Vainqueur an huet domat Schlussklassement an der Kategorie fir sech entscheet.



Schlussgewënner vun den Rad Bundesliga an den diverse Kategorien mam Larry, 3ten vu lenks.



Grousse grousse Merci un all eis Sponsoren 👍